N° 4779
Reçue le 30.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

An engem rezenten Artikel aus dem *Lëtzebuerger Wort*, kann een de courageisen Temoignage vun enger jonker Fra noliesen, di vun engem Museksdirigent sexuell mëssbraucht gouf. Si huet elo decidéiert fir hiert Erlieften public ze maache fir esou och aner Affer ze encouragéiere fir doriwwer ze schwätzen, an esoumadder aanerer ze sensibiliseieren an ze warnen.

Si war net di eenzeg di Affer vun desem Museksdirigent gouf, a sou koum et datt den Täter ugeklot gouf wingst sexuellem Mëssbrauch, sexuell Nötigung a Vergewaltegung.

D'Strofmooss war 8 Joer *op Sursis* an eng Geldstrof. Fir di betraffe Fraen ass dëst Jugement eng weider Demütegung.

D'Unzuel vu sexuellen Iwwergrëffer geet all Joer an d'Luucht, mee vill Affer maache keng Plainte, dëst well se Angscht hunn datt den Täter duerch di aktuell Gesetzer awer weiderhin op fräiem Fouss bleift.

An dësem Kontext well ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen :

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt dat aktuellt Strofmooss bei sexuellem Mëssbrauch streng genuch ass ?
- Gedenkt d'Madamm Ministesch um penale Plang Adaptatioune vir ze huelen, fir d'Strofmooss bei sexuellem Mëssbrauch méi streng ze maachen ?
- Wa jo, wat genau ass virgesinn ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto

Deputeiert